Grand - Duché de Luxembourg

MUSEE NATIONAL D'HISTOIRE ET D'ART

Lëtzebuerg, den 25ten Oktober 1996

D'Georges Kayser Altertuemsforscher
Aarbechtsgrupp "Vicus Tossebierg"
c/o Här Jos Thiel
11, Haaptstrooss
L-8365 Hoen

Dir Dammen,
Dir Häre,

Am Numm vun allen Archeologen aus dem Haus, kann ech Iech versëcheren, datt mir Aer Suerg ëm de réimeschen Vicus vu Mamer deelen. Och den Ministère des Travaux Publics, deen iwregens nie d'Absicht haat, de Vicus futti ze maachen, setzt alles drun, ee Standuert fir de Lycée ze fannen, deen frei ass vun archeologeschen Iwerreschter.

Dofir gët zur Zeit duerch geophysikalesch Miessongen an Sondagen gepréift, ob sech de virgeschloenen Site fir de Bau vun engem Lycée eegent. Wann sech erausstellen sollt, datt mam Bau vun deem Lycée nët vertrietbar Zerstéierungen vun archeologescher Substanz verbonnen wieren, dann plädéieren mir natiirlech fir een aaneren Site.

Dir kënnt gewëss sin, datt mir dëse Problem nët op d'liecht Schëller huelen an all raisonnabel Mesüren fir de Schutz vun dësem wichtegen archeologeschen Site ergreifen waerten.

Mat menge beschte Gréiss,

Paul Reiles
Direkter vum Nationalmusée
fir Geschicht an Konscht

Marché-aux-Poissons L-2345 Luxembourg

Tél: 47 93 30-1 / Fax: 22 37 60